1-2019-O-D-5648-01 (n°3090)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Marc Goergen
Débat iwwert den nationalen Klima– an Energieplang

Lëtzebuerg, den 19ten Dezember 2019

11

# Motioun

**D'Deputéiertechamber,**

Ugesiichts vum ambitiéisen Zil vum nationale Klima– an Energieplang, fir déi lëtzebuergesch CO2-Emissiounen fir 2030 ëm 55% par Rapport zum Joer 2005 ze reduzéieren;

Ugesiichts vun der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°876 vum 8te Juli vun de Piraten, wou confirméiert gëtt, dass insgesamt 216 Schëffer mat 1,4 Milliounen Brutto-Register-Tonnen am lëtzebuergesche Séiregëster ugemellt sinn;

Ugesiichts vun der Studie vun der internationaler Séischëffsfaahrtorganisatioun (*International Maritime Organization)* vun 2014, déi den CO2-Ausstouss vum globale Schëffsverkéier op 938 Milliounen Tonnen CO2-Emissioun schätzt;

Ugesiichts vum Rapport vun 2018 vum *Commissariat aux affaires maritimes*, deen präziséiert, dass Problemer bei den Aarbechtsbedéngungen op lëtzebuergesche Booter bestinn;

**invitéiert d'Regierung**

aus dem Steiergeschäft mat de Bëllegflaggen erauszeklammen an nëmmen nach Schëffer fir d'europäesch Banneschëffsfaart an de Séiregëster opzehuelen.

Marc Goergen